Tageblatt
Mittwoch, 24. April 2013 • Nr. 96

„Net nëmme Krimi, mä och Dinner“

Improvisatiounstheater vum Allerfeinsten

MËNSBECH - Den éischte Krimi-Dinner vum Joer 2013, organiséiert vun der bekannter Improvisatiouns-Theatergrupp „Dinnershow.lu“ am „Légère Premium Hotel“ zu Mënsbech, war e grousse Succès: d'Akteure bréngen et fäerdeg, de Publikum vun Ufank un aktiv um Oflaf vum Stéck ze bedeelegen. Dat Ganzt ass Spaass pur!

Wat ass dann elo esou e Krimidinner? – D'Intendantin Odette Becker schreift d'Stécker alleguer selwer an inszenéiert se mat engem Deel vun hirer Equipe. Den Text ass de roude Fuedem vum Stéck an all Akteur improviséiert während den Optrëtter. Dat bréngt mat sech, dass obwuel all Stéck e puer Mol gespillt gëtt, et awer ëmmer aneschters ass, genau esou eméi déi flott a verréckte Kostümer während de Stécker.

Lëtzebuerger Sprooch

Gespillt gëtt ausschliislech a Lëtzebuerger Sprooch. Je nodeem kann et virkommen, datt och en Zuschauer eng Roll uvertraut kritt. Jiddereen, deen deen Owend derbäi ass, hëlleft, de Mäerder ze sichen. Wie mengt: „Ech weess et“, schreift den Numm vum Mäerder op en Ziedel. Ënnert de richtegen Äntwerte ginn et all Kéiers flott Präisser. Déi nächst Optrëtter am „Légère Premium Hotel“ zu Mënsbech sinn den 11. Mee (Eng gefäierlech Tupperparty), 12. Oktober (Mord am Trapenhaus) an de 16. November (Eng dubios Läich am Spidol). – Ufank all Kéiers ëm 19.00 Auer – Präis: Apéro & 3-Gang-Menü 56 Euro pro Persoun – Reservatiounen iwwert Tel. 49 00 06-1 oder iwwert Mail luxembourg@legere-hotels-online.com. Informatiounen: www.dinnershow.lu.

Gewinnspiel

2 x 2 Krimidinner gewannen

D'*Tageblatt* verloust an Zesummenaarbecht mam „Légère Premium Hotel“ 2 Krimidinner-Guttschäiner fir je 2 Persounen (Dir kënnt Ären Owend auswielen) ënnert all deenen, déi op d'Fro „Wou geschitt den 12. Oktober e Mord: A) Am Keller oder B) Am Trapenhaus?“ richteg äntwerten.

Schéckt Är Äntwert, sou oft wéi Dir wëllt, haut per SMS (1 Euro pro SMS + Fraisen) un d'Nummer 64646 mam Text: KRIMI (Plaz loossen) + Äntwert + Numm + Adress. Ausgeschloss sinn d'Mataarbechter vum Grupp Editpress a „Légère Premium Hotel“ esou wéi hir nächst Verwandten. Rechtswee ausgeschloss. D'Gewënner gi perséinlech ugeruff an hiren Numm kënnt op www.tageblatt.lu (Mehr/Gewinnspiele) stoen.

Denny Dura

D'Improvisatiouns-Theatergrupp „Dinnershow.lu“